



Esch-sur-Alzette, den 1. Juli 2024

Pressematdeelung vun der ACEL - Studentebal 2024

Freides, de 5. Juli - beim P&R Bouillon, Lëtzebuerg

Déi 23. Ausgab vum groussen Open-Air Studentebal

D'ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) organiséiert dëst Joer déi 23. Editioun vum traditionelle "De Studentebal". Zanter 2001 organiséiert d'ACEL dëse Bal an Zesummenaarbecht mat senge Membercerclen. Mëttlerweil ass "De Studentebal" een vun de gréissten Evenementer am Land an ass ënner anerem dee gréissten Open-Air Studentebal zu Lëtzebuerg mat fir gewéinlech ronn 4500 Visiteuren.

Besonesch an dësem Joer wäert de Bal och dem 40-järegem Jubiläum vun der ACEL gewidmet sinn. Zanter véierzeg Joer ass d'ACEL do, fir d'Interesse vun de lëtzebuergesche Studenten ze verrieden an se bei hirer akademescher a perséinlecher Entwécklung ze ënnerstëtzen. Dëse Jubiläum mécht dëse Studentebal nach méi besonesch, a mir freeën eis, dëse speziellen Anniversaire mat iech alleguer zesummen ze feieren.

D'ganz Organisatioun vum Event gëtt gréisstendeels duerch de Comité vun der ACEL organiséiert an zesumme mat de Cerclen déi um Bal deelhuefen duerchgefouert. Mir fannen, datt d'Konzept vun der immenser Variatioun u Gedrénks dëse Bal zu eppes ganz

Besoneschem mécht an et dofir derwäert ass, dëst net ze verpassen! D'lescht Joer war de Bal mat ronn 4500 Visiteuren ee vollen Erfolleg. Un der dësjäregem Editioun huelen insgesamt 29 Cerclen vun der ACEL deel, dovu bidden 28 Cerclen e Cercle-spezifesch Cocktail un an ee Cercle versuergt all d'Gäscht vum Studentebal mat lessen. Dëst Open-Air Event bitt Schüler:innen a Student:innen d'Méiglechkeet, bei hoffentlech guddem Wieder, hier Frënn a Frëndinnen erëm

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois

www.ancel.lu
contact@ancel.lu

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

+352 20 60 84 84-1 | Président
+352 20 60 84 84-4 | Vice – Président

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
No RCS F969



ze gesinn an e schéinen Owend mat hinnen ze verbréngen, éier si nees zréck an hir Studiestied mussen.

De Gewënn vum Event geet integral un d'Cerclen déi um Bal deelhuefen an hëllef. Dës finanziell Ënnerstëtzung ka soumat fir Aktivitéiten während dem Joer genotzt ginn an d'Keess vum Cercle ënnerstëtzen, esou datt de Student:innen an deene verschidde Stied nach méi ugebuede ka ginn.

Ofgesinn dovun, dass mir ons drëms këmmere, dass jidderee Freed a Spaass huet, suerge mir ons och ëm d'Ëmwelt, esou dass mir onst Zil vun engem Green-Event dëst Joer schon fir d'zweete Kéier erreicht hunn, dëst trotz verschidde Schwieeregkeeten.

Freides, de 5. Juli 2024 um 20 Auer start déi 23. Editioun vum "De Studentebal" op der Wiss niewent dem P&R Bouillon zu Hollerech. Vun 20 bis 22 Auer gëtt et eng Happy Hour. Fir d'Stëmmung am Zelt suergen dëst Joer als Main-Act den DJ Nosi an als Warmups d'DJ's Fleex & Deys an den DJ Bluteck. De Präis am Virverkaf ass 10 € an Oweskeess 13 €.

Detailer iwver de Virverkaf a weider Informatiounen fannt dir op Facebook, Instagram an um Internetsite www.acel.lu/studentebal/.



Kimon LENERS
President
kimon.leners@acel.lu
+352 2060 8484 - 1



Grégory Kieffer
Vize-President Regruppement
gregory.kieffer@acel.lu
+352 2060 8484 - 3

